Dënschdeg, 30. Oktober 2018
Journal

# Vu „Feierwon“ bis „Bopebistrot“

## Sechs Lëtzebuerger Lidder fir déi éischt Editioun vum „The EU Songbook“ gesicht

LËTZEBUERG
LJ

Säit dem 26. Oktober an nach bis de 25. November ginn d'Lëtzebuerger invitéiert, fir sechs Lidder aus hirer Heemecht erauszesichen, déi an déi alleréischt Sammlung vu Lidder aus der europäescher Unioun opgeholl ginn. „The EU Songbook“ nennt sech dat Ganzt. An enger éischter Etapp stoungen 400 Lidder zur Debatt, vun deenen der schliisslech 60 a sechs Kategorien zeréckbehale goufen. Op déi hate sech Sänger vun der UGDA an der INECC, wéi och Musekstudenten a -professeren vum Conservatoire an enger éischter Phas gëeenegt.

108 Lidder sinn am Moment schonn an d'Sammlung vu Lidder aus der EU integréiert. Si goufe vu méi wéi 32.000 Persounen aus 18 Uniounsmemberlänner, déi scho gewielt hunn, erausgesicht.

Dës Inititiativ gouf iwwregens vun enger dänescher Organisatioun à but non lucratif, déi kee Lien mat den europäeschen Instanzen huet, initiéiert. Déi sechs Kategorien goufen iwwerdeems vu 17 Musekskademien aus 14 EU-Memberstaaten definéiert: 1. Léift, 2. Natur a Joreszäiten, 3. Fräiheet a Fridden, 4. Vollékslidder, 5. Lidder, déi de Glawen zum Thema hunn, a 6. Kannerlidder.



Bis de 25. November kënnen d'Lëtzebuerger iwwer hir Lidder fir d'„EU Songbook“ ofstëmmen

Foto: EU Songbook Org.

### Elo ass et un de Lëtzebuerger

Als 19. Populatioun ginn elo d'Lëtzebuerger zum Vote opgeruff. Déi zwee Chefredakteren vum „Songbook vun der EU“ fir Lëtzebuerg, Robert Köller (UGDA) an Arend Herold (INECC), hunn eng final Lëscht vun deene Lidder, déi de Lëtzebuerger presentéiert ginn, editéiert.

> „Gemeinsamkeeten a Partikularitéite vun allen Natiounen solle sou spierbar ginn“
>
> ROBERT KÖLLER, Chefredakter vum „Songbook vun der EU“ fir Lëtzebuerg

Fir e puer Beispiller ze nennen: An der Kategorie „Léift“ si Lidder wéi „D'Pierle vum Da“ (Edmond de la Fontaine „Dicks“) oder „Hey du“ (Cool Feet) ze fannen. „De Feierwon“ (Jean Antoine Zinnen/Michel Lentz) oder „Bopebistrot“ (Serge Tonnar) goufen an der Kategorie „Fräiheet a Fridden“ zeréckbehalen.

An der Spart „Vollékslidder“ stinn „Wéi meng Mamm nach huet gesponnen“ (Edmond Lentz/Michel Lentz) oder och nach „Zu Arel op der Knippchen“ (trad./Mathias Schou) zur Auswiel. „Dës Sammlung vu Lidder aus alle Länner vun der EU, erausgewielt vun hire Bierger, ass eng eng enorm Aarbecht, déi vun engagéierte Fräiwëllege gemaach gouf, déi eise Merci verdéngen. Si wäert et erlaben, am Betrib vun eise Chéier, an awer och am Schoulwiesen, Gemeinsamkeeten a Partikularitéiten vun all dëse Natiounen spierbar ze maachen“, sou de Robert Köller.

### Éischt Sammlung gëtt Enn 2019 publizéiert

„Mir, déi 27 Populatiounen aus der EU, wëssen zimmlech wéineg ee vun deem aneren! Geschätzte Vollékslidder ze deelen, schéngt eng efficace Manéier ze sinn, sech besser kennenzeléieren“, seet de Fondateur vun der „European Union Songbook Organisation“, Jeppe Marsling. Déi éischt Editioun vun der Sammlung soll am Dezember 2019 publizéiert ginn. Sie wäert 162 Lidder enthalen, déi souwuel an hirer Originalversioun wéi och op Englesch gedréckt ginn.

**De Vote vun de Lëtzebuerger Lidder leeft iwwer den Internetsite www.eu-songbook.org**